

Ech wëll awer nach eng Kéier soen: Ech hunn elo net besonnesch vill Mesüren ugekënnegt, ech hunn dat erkläert, wat mer haut schonn hunn, an déi Mechanismen, déi mer haut hunn an déi en faveur kënnen agesat ginn, fir d'Situatioun vu Famille-monoparentalen, grad wat de Logement ubelaangt, kënnen ze ënnerstëtzen.

Ech sinn awer absolutt bereet, de Fokus nach eng Kéier verstärkt dorobber ze riichten an och reegel-méisseg Ärem héijen Haus hei e Rapport ze erstatten.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler, Président |** Merci, Här Minister.

### 11. 8405 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

An da komme mer bei deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an dat ass de Projet de loi 8405 iwwer eng Rei Bähillefen am Kader vun der energieetescher Transition vun Wunnengen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: De Rapporteur huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitäten hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Luc Emering, den Här Franz Fayot, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Paul Galles. Här Galles.

#### Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

**M. Paul Galles (CSV), rapporteur |** Merci villmools, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass mer eng Freed, Iech haut de Mëtteg de Rapport ze maache vum Projet de loi 8405. Alles am Liewen ass eng Kéier fir d'éischte Kéier, an et ass fir mech déi éischte Kéier, dass ech hei e Rapport maachen an der Chamber. Et ass mer eng Eier ...

**Plusieurs voix |** O!

**M. Paul Galles (CSV), rapporteur |** ... an ech bieden Iech dann ëm déi néideg Nosiicht fir de Fall, dass et nach net grad esou gutt ass, wéi et misst sinn.

Beim Projet de loi 8405 handelt et sech ëm eng substanzuell Ännerung vum ofgeännerte Gesetz vum 23. Dezember 2016, dat e Bähillefesystem agefouert huet zur Förderung vun der Nohaltegkeet, der rationaler Notzung vun Energie an den erneierbaren Energien am Beräich vum Wunnen, also de sougenannte Klimabonus Wunnen.

A mir bezéien eis hei mat deenen Zuelen, déi mer haut hei an dësem Gesetz bestëmmen, op d'Top-ups, déi dann no den Tripartitt-Verhandlungen am September 2022 agefouert gi sinn, notament fir d'Inflatioun ze bremsen a fir de Stéit an de Betriber ze hëllefen, déi energieetesche Transition ze beschleunegen, notament duerch energieetesche Renovatiounen an de Switch op erneierbar Energien, fir esou d'Ofhängegkeet vu fossilen Energië vun deene Stéit dann ofzebauen.

Am Detail geet et dann ëm dräi Mesüren, déi Der aus dem Projet de loi kënnert erauslesen. Dat éischt ass d'Augmentatioun vun 30 % op 50 % vum Bonus de remplacement fir eng Chaudière, déi mat fossille Brennstoffen bedriwwen gëtt, duerch eng Wärmepumpe oder eng aner Heizung mat engem besseren

energieetesche Rendement a Foussofdruck ze ersetzen; zweetens déi zousätzlech 25 % bei der energieetescher Sanéierung vu Gebaier; an drëttsen sollen déi zousätzlech 25 % bei de Fotovoltaikanlagen, déi Stroum fir den Energieverbrauch produzéieren, elo mat dësem Gesetzesprojet dann net méi verlängert ginn, soudass een an dësem Fall nach 50 % erëmkritt.

Wéinst den ambitiëse Klima- an Energieziler am PNEC an der Kris am Logement, déi och derbäi kënnert, huet dës Regierung decidéiert, dës Mesüre vum Klimabonus Wunnen bis den 31. Dezember 2025 ze verlängeren.

De Gesetzesprojet, dee mer hei virleien hunn, den 8405, gouf den 28. Juni 2024 vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Chamber deposéiert. De Staatsrot huet de 5. Juli säin Avis ofginn. D'Chambre de Commerce huet den Avis den 23. August eraginn. An den 8. Juli sinn ech schonn zum Rapporteur ernannt ginn. De 25. September hu mer an der Kommissioun d'Avis vum Conseil d'État a vun der Chambre de Commerce analyséiert. An de 16. Oktober 2024 ass de Rapport ugeholl ginn.

Wichtig also, wéi gesot, déi Rapport bezéiungsweis déi Avis vum der Chambre de Commerce an natierlech vum Staatsrot. Mir hu se an der Kommissioun beschwat. An ech wëll awer och erwänen, dass och den OAI eis en Avis eraginn huet, deen och ganz interessant ass an dee mer och bei der Dokumentatioun derbäileien haten. All dës Avisa ware positiv vis-à-vis vun dësem Gesetzesprojet.

Ech wëll awer eng pertinent Remark aus der Chambre de Commerce hirem Avis erausgräifen an ervirsträichen, wat d'Lafzäit vun de Bähillefen ugeet. Aus Grënn vun der Planungssécherheet sollten esou Mesüren, esou soe si, sech op d'mannst iwwer e puer Joer erstrecken a wa se geännert sollte ginn, da misst dat laangfristeg virum Auslaf kloer kommunizéiert ginn, fir dass ee wéisst, wou een dru wier a bis wéini ee seng Demandé misst maachen a wéi iwwerhaapt de ganze System dann zäitlech virukéim, notament fir ze verhënneren, dass all d'Commandé gläichzäiteg erakéimen an et esou eppes wéi Enkpäss an der Liwwerkette géif ginn. An dass dat eng duerchaus pertinent an och aktuell Fro ass, dat hu mer nach an deene leschten Deeg och matkrut: Et gouf e Reportage op engem Radio genau iwwert deen dote Punkt. An natierlech steet och hannendrun déi Gefor, dass dat kéint d'Präisser beaflossen.

Här President, wann Der erlaabt, da géif ech hei elo de Rapport vun dësem Projet de loi 8405 ofschléissen an ech géif dann direkt et Stellung huelen am Numm vun der CSV-Fraktioun.

#### Discussion générale

De Klimabonus Wunnen, fir dat zesummenzefaassen, dee wäert also summa summarum héich bleiwen, ganz héich bleiwen, gréisstendeels onverännert bleiwen. Just den Top-up vun de PV-Anlage soll vun 62,5 % op 50 % erofgoen. A bei de Subventiounen vun all deenen anere Programmer, zum Beispill Wärmepumpen, Sanéierung etc., soll en Top-up bäibehale ginn. Dat ass esou insgesamt e groussen an e gudden Package, dee mer hei hunn.

Erlaabt mer do zwou Bemierkungen derzou. Natierlech hu mer an der Kommissioun vill diskutéiert iwwert déi absolutt Zuelen, wann et vun 62,5 % op 50 % erofgeet. Mir kruten awer och eng Rei vun Erklärungen, firwat dat duerchaus och vertriebbar ass.

Déi éischt ass déi, dass een d'Roll vun engem Incentive muss genau verstoen. Eigentlech ass en Incentive jo do, fir Leit ze motivéieren, fir e System un d'Rollen ze kréien. Dat ass hei passéiert. Dat heescht, den

Incentive huet an engem gewëssene Sënn och seng Roll hei erfëllt.

Dat Zweet ass, dass en natierlech ëmmer nach immens héich ass. Mir sinn elo bei 50 %. An da kommen natierlech och nach ënner Ëmstänn Subventiounen an den eenzelne Gemengen derbäi.

An dat Drëtt ass eng Statistik, déi mer och vum Ministère geschéckt kritt haten – op Nofro vun e puer Deputéiert aus der Kommissioun ass dat gemaach ginn –, fir nämlech ze kucken, wéi eeben d'Präisser vun de Fotovoltaikanlagen international an national evoluéieren. An déi Statistiken hu gewisen, dass se international erofginn, während se zu Lëtzebuerg éischter stabil bleiwen, a sech dat awer net duerch de Präis vun den Anlagen erkläert, mee éischter duerch de Präis vun der Main-d'oeuvre, déi hannendrustéiert, fir dass se hei installéiert ginn.

A mir waren eis och an der Kommissioun an deem Debat bezéiungsweis an där Diskussioun eens, dass ee muss dee sougenannten „Effet d'aubaine“, also dee „Mitnahmeeffekt“, vermeiden, dass herno d'Subventiounen eeben net bei de Leit selwer, bei den Usagere selwer, landen.

An déi zweet Bemierkung, déi ech hei zum Gesetzesprojet am Numm vun eiser Fraktioun wëll maachen, ass, dass et natierlech wichtig ass, dass mer deen Top-up an deenen aneren zwee Beräicher bäibehalen. Besonnesch den Abau vu Wärmepumpen ass fir eis energieetesche Transition vun immens entscheidender Bedeitung. Et ass och eng zentral Moossnam vun eisem Energie- a Klimaplang, dee sou virgesinn ass an zu deem eis Regierung sech jo och no dem Koalitionsouffokommnis gäre bekennt an dee mer esou wëlle bäibehalen.

Dat selwecht gëllt natierlech och fir déi energieetesche Sanéierung vun den Haier. An dat ass, wann een eng Kéier esou déi fënnef Beräicher vum PNEC ukuckt, dee Beräich, an deem Lëtzebuerg nach am meeschte Potenzial huet, wou mer nach am meeschte kënnen dropleeën a wou mer nach am meeschte kënnen Energieeffizienz entwéckelen, wa mer wëlle bei déi 42 % méi Effizienz bis 2030 kommen. Dat ass och eppes, wat déi zwee Häre Ministeren, de Serge Wilmes an de Lex Delles, eis jo an där Kommissiounssëtzung am Juli – mengen ech, war et – hei an der Chamber och ganz kloer erkläert hunn an ënnertrach hunn.

Bis elo si Wärmepumpe méi deier wéi fossill Heizsystemer. An ouni déi erhéichte Subventiounen géif sou munchen Hausbesëtzer wuel awer nach weider mat enger Masutts- oder enger Gasheizung hëlzen. An esou héich Subventiounen, wéi mer se elo hei hunn, erginn natierlech och ëmmer Sënn, well nach keng sënnavoll a wichtig alternativ Zukunftstechnologie an der Breet vun der Gesellschaft ukomm ass – ënner anerem och wéinst deene méi héije Käschten.

Dat wollt Iech am Numm vun eiser Fraktioun nach derbäiseen. Ech wëll Iech dofir Merci soe fir Är Opmierksamkeet an ech ginn och am Numm vun der CSV den Accord fir dëse Gesetzesprojet. Merci.

**Plusieurs voix |** Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président |** Merci, Här Galles. Ech soen Iech als Rapporteur fir Ären éischte Rapport villmools Merci, souwuel fir dee schrëftleche wéi fir dee mündleche Rapport. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Luc Emering. Här Emering, et ass un Iech.

**M. Luc Emering (DP) |** Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wollt ech emol dem Här Galles Merci soe fir dee gudden mündlechen a schrëftleche Rapport.

**Une voix** | Très bien!

**M. Luc Emering (DP)** | Den Erfolg vun de finanziellen Hëllef spigelt sech bei der Unzuel vun den Demanden, déi bei der Klimaagence amgaange sinn, erëm. Net manner wéi 11.000 Ufroen fir Renseignementer si bis Enn September registréiert ginn, an zousätzlech 4.000 weiderer gi bis Enn des Joers erwaart.

A 47 % vun dëse Consultatiounen ass et ëm Fotovoltaikanlage gaangen, bei 27 % ëm Heizungssystemer, a bei 22 % ëm energieeffizient Isolatiounen. Konkreet kann een also soen, dass vun deene sëllege Mesuren, besonnesch bei de Fotovoltaikanlagen, e spierbaren Interessi do ass. Dofir kënnen mir och d'Kritik net gëlle loosse, dass d'Erofsatze bei den Hëllef vun 62,5 % op 50 % d'Nofro an deem Beräich wäert reduzéieren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Luc Emering (DP)** | An dëst aus verschiddene Grënn:

D'Produktionskäschten an d'Käschte vun der Matière première si méi bëlleg ginn, soudass d'PV-Modul als solcht, awer och op de Kilowatt Peak zeréckgerechent, signifikativ méi bëlleg gëtt.

Zweetens gëtt et en héijen Duerchreecheffekt, soudass déi héich Subsidien net bei de Leit, déi investéieren, ukommen, mee se schlussendlech de Präis vun de PV-Anlage künstlech héich halen. Et ass also grondleeënd falsch, wéi dat elo oft an deene leschte Méint ëmmer erëm duergestallt ginn ass, et géife falsch Signaler gesat ginn.

Wa mer de Leit wëllen hëllef, déi an d'erneierbar Energie investéieren, an net eng abordabel Technologie um Marché verdeieren, ass dës déi richteg Richtung: d'Subsidien no ënnen unzepassen. De Marché vun de Fotovoltaikanlagen ass also a Beweegung an developpéiert sech an eng positiv Richtung. A mir sinn zouversichtlech – an den Trend bestätegt dat och –, dass d'Nofro fir dës Anlage weider wäert héich bleiwen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, derbäi kënnt, dass ni dës Hëllef an Zukunft och weider Mesure sollen en place gesat ginn. An do sinn d'Ministerinnen Delles a Wilmes amgaangen, kloer un eise Klimaziler ze schaffen. A si schaffen och weiderhin dodrun, och d'Transitioun fir Leit mat méi engem klengen Portmonni ze realiséieren. Well jo, fir Familljen ass et net einfach, Präisser vu 15.000 bis, jee nodeem, 30.000 Euro virzestrecken, dëst mat 4 bis gär iwwer 5 % Zësen dann iwwer e Joer, an dann nach iwwer ee Joer mussen op de Subsidie ze waarde fir esou eng Investitioun.

Dofir gëtt sech agesat, och Famillje mat engem klengen Portmonni dës Méiglechkeet ze bidden, dëst iwwer e Prefinanzement, eng Virfinanzéierung also, duerch de Staat, wou de Staat direkt säin Deel bäileet an d'Leit duerno just nach d'Hallschent vum Präis fir esou eng Anlag muss bezuelen.

En attendant begrësse mir, dass mat dësem Text d'Aiden, souwuel fir den Echange vun de Chaudières, mee och fir d'energetesch Sanéierung verlängert ginn. Et bleift wichteg, d'Leit weider mat op de Wee vun der energetescher Transitioun ze huelen a si och ze ënnerstëtzen. Als DP ass eis wichteg, dass weider derfir geschafft gëtt, de Mënsch an den Zentrum vun enger konsequenter Energie- a Klimapolitik ze setzen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Luc Emering (DP)** | Dëst kënnen mir nëmmen erreechen, wa mir weiderhin derfir suergen, dass eng

propper Energie a klimateffizient Mesure bezuelbar bleiwen. Genau dat gëtt mat dësem Projet gemaach an dofir kënnen mir als Fraktioun dës Verlängerung och nëmmen zoustëmmen.

Ech soen Iech villmools merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Emering. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Franz Fayot. Här Fayot.

**M. Franz Fayot (LSAP)** | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et geschitt elo dat, wat mer schonn Enn Juni op dëser Plaz kritiséiert hunn: Am Fall vun de Fotovoltaikanlage verlängere mer den Top-up fir en Zäitraum, dee schonn zanter dräi Wochen ofgelaf ass. Wa mer dat Gesetz haut stëmmen, fält dee réckwierkend op den 1. vun dësem Mount ewech. Dat ass keng gutt legislativ Aarbecht an dat hätte mer kënnen anescht maachen am Juni an d'Leit dobaussen och e bësse manner duercherneemaachen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Franz Fayot (LSAP)** | Bei de Fotovoltaikanlage muss een elo kucken, wéi sech d'Reduktioun vum Subsid op d'Demande auswirkt. Eis Suerg ass, dass déi spektakulär Dynamik insbesonnesch bei de Solaranlage kéint gebrach ginn. Gewëss, dëst war eng zäitlech begrenzte Mesur aus der Tripartitt vu September 2022, mee et wier net déi éischte Kéier, dass mer „le provisoire qui dure“ maachen. An hei wier et gerecht fertegt.

Ob mer eis Klimaschutzziler erreechen oder net, hänkt net zulescht dovunner of, dass déi grouss Majoritéit vun de Privathaushalter de Wee vun der Energietransitioun matgeet. Et kann een dervun ausgoen, dass elo eng grouss Well vun Demanden vun Devisen nach virum 1. Oktober ënnerschriwwen gouf. Wat elo duerno geschitt, mussen mer ganz gutt am A behalen.

Fir dass déi Dynamik, déi mer gesinn hunn, weider unhält, mussen an eisen Aen eng Rei Krittären erfëllt ginn:

Éischstens mussen d'Subsidie weiderhin attraktiv bleiwen. Dat gesi mer dann, ob dat wäert de Fall sinn. Mee dat hänkt vun zwee weidere Krittären of.

Well, zweetens, mussen d'Betriber déi néideg Kapazitéiten hunn, fir d'Sanéierungen an d'Installatiounen an deem gewënschten Tempo och kënnen durchzuführen. Fir dass dës Kapazitéite kënnen optimal genotzt ginn, brauche se eng gewësse Planungssécherheet. Wann et Ännerungen um Subsideregime gëtt, sollten dës laang genuch am Viraus bekannt ginn. Domat vermeit een nämlech, dass et zu engem staarken Pic bei den Demanden kéint viru kuerzfristeg annoncées Delaien, sou wéi dat elo hei geschitt ass. Fir d'Zukunft bedeit dat, dass mir als LSAP erwaarden, dass virum nächste Summer, also ronn sechs Méint virum Auslaf vum Klimabonus, dee mer haut stëmmen, eng konkret Propos am Dësch läit, wéi et ab 2026 soll weidergoen. A vläicht kann de Minister der Chamber haut schonn heizou e puer Elementer uginne, wat d'Regierung do plangt.

Drëttens muss d'Regierung eng Léisung fanne fir déi Leit, déi trotz héije Subsidien d'Sue fir eng energetesch Sanéierung net kënnen virstrecken. D'Regierung huet do annoncéiert, dass de Staat no enger Méiglechkeet sicht, fir esou Projeten zum Deel virzefinanzéieren iwwer eng Aart Tiers-payant-Mechanismus. An dat ass eng Iddi, déi mer ganz kloer voll a ganz ënnerstëtzen. Allerdéngs muss dat dann och effikass funktionéieren. Dat heescht, d'Betriber mussen dann ouni allze vill Bürokratie an zäitno direkt vum Staat

hir Sue kréien. A wann ee weess, wat aktuell d'Delaie sinn, wier et interessant, ze wëssen, wéi dat da soll goen. Soll do nach weider rekrutéiert ginn oder ginn déi Prozesser zum Deel digitaliséiert?

Op alle Fall ass dëst wichteg, fir dass och Leit mat méi engem bescheidenen Revenu kënnen hir eegen Energie produzéieren an an engem gutt isoléierten Haus wunnen, soss wäerten d'Önglächheete weider zouhuelen. An do muss ee soen, dass et fir déi mannst Leit einfach ass, den Investissement an eng Solaranlage integral virzefinanzéieren an dann ee Joer op seng Bähëllef mussen ze waarden, virun allem an dësen Zäite vu Präisdeierecht an och insbesonnesch elo, wou vill Leit sech Suerge maachen iwwert d'Energiepräisser, déi erëm an d'Luucht ginn.

Méi accessibel mussen d'Bähëllef och fir d'Kopropriétéite ginn. Grad bei enger Residenz ass den Investitionsbedarf fir eng energetesch Sanéierung ganz héich. A wann och nëmmen ee Proprietär keng Suen huet, fir säin Deel virzefinanzéieren, riskéiert de Projet, net ëmgesat ze ginn. Et soll een net aus den Ae verléieren, dass grad déi Vulnerabelst an eiser Gesellschaft oft lounen. Dat si Sujeten, déi mer och ënner anerem mussen diskutéieren, wann et dorëms geet, eisen nationale Klima-Sozialplang opzustellen.

Här President, ech kann den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn, deen an enger éischter Phase generéise Bähëlleferegime ëm eppes méi wéi e Joer verlängert, an dat trotz de Bedenken, déi ech elo just hei geäussert hunn. D'Erwaardung vu menger Fraktioun ass allerdéngs, dass an de kommende Méint konkret Propose vun der Regierung gemaach ginn, wéi all déi Leit bei der energetescher Transitioun kënnen ënnerstëtzt ginn, déi sech keng deier Virfinanzéierung kënnen leeschten, dat souwuel am Interessi vun enger besserer Previsibilitéit wéi och vun der Ëmsetzung vun de sozialen Obligatiounen, déi Lëtzebuerg am Kader vun dem neien Emissionshandelsystem fir d'Secteur vum Transport a vun de Gebaier huet.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Fayot. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeff Engelen (ADR)** | Merci, Här President. Et geet hei ëm d'Verlängerung vum Klimabonus, deen am Fong geholl nach aus den Tripartittverhandlungen erauskënnt. Ech wëll generell ... Ech mengen, meng Virriedner hu ganz viles scho beliicht. Et ass gutt a schéin, wa mer hei esou Bähëllef accordeieren, mee wa se bei de Leit ze spët ukommen, dann hu mer näischt geschafft.

Ech mengen, mir mussen hei driwwer nodenken, wéi een dat Ganzt an enger vereinfachter Form kann iwwert d'Bün bréngen an d'Hëllef, déi ausbezuelt ginn, an engem rasonablen Delai kann iwwert d'Bün bréngen. Ech mengen, besonnesch elo, wou mer gesinn, datt déi Leit an den ënneschten Akommesstufen op alle Pläng gestrach ginn – wann ech esou dierf soen –, iwwerall gëtt alles vill méi deier, a wa se dann nach mussen déi do Saach, déi Transformatioun, hëllef ..., oder wa se dat wëlle maachen a si hunn da keng Suen, da bleiwen déi all op der Streck. An da gëtt et just de Contraire vun deem, wat mer wollten erreechen. Ech mengen, an deem Sënn solle mer dat verhenneren.

An ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Projet de loi. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Engelen. Dann ass elo d'Wuert fir d'Madamm Joëlle Welfring. Madamm Welfring.

**Mme Joëlle Welfring** (déi gréng) | Merci, Här President. Nodeem mer am Juni dëst Joer de Klimabonus Wunnen retroaktiv ëm sechs Méint verlängert hunn, beschäftegt sech d'Chamber haut erëm mam selwechte Sujet, zum Deel fir déi héich Aidë mat Ver-spéidung ze verlängeren an zum Deel fir se erofze-schrauwen.

De sougenannten Top-up, also d'Erhéijung vun eenzelne besteeënden Aiden am Beräich vun der Energietransitioun, gouf 2022 duerch den Accord Tripartite agefouert. Trotz de Krisen, mat deenen eist Land iwwert déi lescht Joren ze kämpfen hat an déi d'Leit och an hirem Portmonni gespuert hunn, hunn ënner anerem dës Mesüeren aus dem Tripartitt-Accord dozou gefouert, dass ëmmer méi Leit sech fir eng PV-Anlag um Daach entscheet hunn. D'Erneierbarer hunn e richteg Schub erlieft.

An dat weisen och d'Zuelen: Am Joer 2023 ass eleng d'Produktionscapacitéit duerch d'Fotovoltaik ëm 24 % an d'Luucht gaang. Dës positiv Tendenz zitt sech elo nach weider; an et ass och normal, datt en Top-up vun der leschter Regierung bis Enn September bäibehale gouf. Dëst bekräeft och net zulescht den Ëmweltminister selwer, deen net méi spët wéi gëschter op eng Fro vum Här Sven Clement geäntwert huet, dass an de leschte Méint d'Zuel vun den Demandé fir e Subsid fir eng PV-Anlag weider staark geklommen ass, wat zu engem gudden Deel op deen attraktive Primmeregimm zrëckzeféieren ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Dynamik am Beräich vum Klimaschutz muss onbedéngt weidergedriwwen ginn. Leider ginn d'Aussoen an d'Handlungen iwwert déi lescht Méint awer net an déi richteg Richtung. Do, wou d'Regierung effektiv Akzenter setzt, schéngt se net de Spaass um Klimaschutz ze fërderen, mee éischter de Contraire: De Stroumpreisdeckel gëtt zum Deel opgehewen, d'Aidë fir d'Fotovoltaikanlage ginn erofgeschrauft an d'Kommunikatioun ëm d'Upassung vun den Netztariffer ass net wierklech berouegend. Dat féiert zu Veronsécherung a riskéiert, d'Loscht, fir beim Klimaschutz matzemaachen, wierklech ze dämpfen.

Natierlech ass et wichteg, dass mer bei Subsidieregimern an op d'Evolutioun vun de Präisser um Marché halen an d'Käschte vun den Installatiounen vun enger PV-Anlag net artificiell héich halen. Mee fir d'Bierger/innen ass et wichteg, e Mix vu Mesüeren ze hunn, deen d'Attraktivitéit vum Invest a klimafreundlech Technologien decidéiert op engem gudden Niveau hält, an dat kombinéiert mat engem Zäitpunkt vun dësen Ännerungen, deen och soll esou gewielt ginn, dass en d'Leit an der Dynamik hält an net just de Contraire provoziert. Well och elo sinn d'Elektreschpräisser nach ganz héich, d'Stroumpreisser nach héich, an den Zäitpunkt ass net komm, fir hei nozeloossen.

Och gëschter gouf um Radio vun engem Representant vun der Fédération du Génie Technique gewarnt, dass eng ganz Partie Betriber hire Carnet de commande voll hunn, soudass sech d'Fro stellt, ob d'Leit iwwerhaupt nach an de Genoss vun den aktuellen Aidë wäerte kommen, well d'Aarbechte vläicht net séier genuch kënnen ofgeschloss ginn, fir och kënnen eng Rechnung matzäiten anzerechen. Dat si veronséchernd Situatiounen, an déi bréngen eng Kéier d'Theema vun der Previsibilitéit vun den Aiden op. Dëst ass also net nëmme wichteg fir d'Bierger, mee och fir d'Entreprises, déi d'Energietransitioun hei am Land ëmsetzen.

Wéi geet et weider mat den Delaien a wéi wäerten an Zukunft d'Aidë weidergefuert ginn? Dat ass eng Fro, déi ech op dëser Plaz dem Ëmweltminister wéilt stellen, well eng besser Kommunikatioun a méi e wäiten Zäithorizont, wat d'Aiden ugeet, ass wierklech och eng Demande – et ass schonn ugeklonge vum Rapporteur – vun der Chambre de Commerce an hirem Avis. A mir mussen dat definitiv eescht huelen.

Doriwwer eraus mussen d'Kärmesüre fir d'Klimatransitioun, déi am Energie- a Klimaplang festgehalen goufen, weidergedriwwen ginn, notament de Leasing social, wou d'Stëit mat manner Revenu emissionsfräi Autoen zu engem niddrege Montant lease kënnen, oder den Opbau vun enger nationaler Renovationsgesellschaft, fir justement d'Propriétaire vu Wunnhaiser strukturéiert vun A bis Z beroden ze kënnen.

Och d'Virfinanzéierung vun den Aiden am Renovationsberäich an awer och d'Ausbildung an d'Weiterbildung vun den Handwerker si ganz wichteg Elementer. A mir wäere frou, wa mer heizou konkret Aussoe kéinte kréien, well dës Schlësselementer si wierklech och wichteg, fir manner gutt opgestallte Menagen en Zougang zu enger sécherer a propperer Energieversuergung ze erméiglechen.

Eppes ass fir eis ganz evident: Mir brauche kloer Signaler a laangfristeg Planungssécherheet fir d'Energietransitioun a konkret Schrëtt fir d'Ëmsetzung, an dat ouni politesch Onsécherheeten.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Madamm Welfring. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Marc Goergen. Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Wat den Här Galles gesot huet, dat ass alles schéin. Et kléngt och gutt. Wärmepumpen, Allméigleches, also, dat ënnerschreien ech direkt bei Iech. Do hutt Der meng voll Ënnerstëtzung. Ech sinn net frou, dass Der elo déi 12,5 % erofgitt, mee dat ass och schonn alles klasséiert. Mir hu jo do scho viru Méint driwwer diskutéiert.

Et ass awer, wann een elo Är Politick verfolgegt – also net Är, Här Galles, mee déi vum Här Wilmes – gefillt einfach esou eng Aart vun neier Bestrofung, déi dës Regierung wäert aféiere fir jiddereen, deen Elektresch brauch. Mir hunn am Moment déi Situatioun – a virdrun huet den Här Delles dat hei erkläert –, dass elo nei Tariffer wäerte kommen, déi jo och dann elo Äre Projet hei wäerte betreffen, well fir d'Wärmepompe brauch een herno Stroum. An dee Stroum, dee wäert Der dann herno, baséiert op enger Moyenne, ganz komplizéiert berechnen. Wann een et dann e bësse méi waarm doheem wëll hunn, da gëtt de Stroumpreis natierlech méi héich. Egal, wéi vill Der elo subsidiéiert hutt beim Kaf, ass een awer herno bei d'Lisaet gelooss, wann een esou eng Wärmepompe herno wäert abauen.

Dat selwecht iwwregens bei den Elektroautoen. Mir hunn elo gefillt fënnf, sechs Joer – an ech hunn et ënnerstëtzt – gezielt kritt: „Kaaf all en Elektroauto! Dat ass dat Bescht. Dir wäert och vill spueren par rapport zu Bensinn an Diesel.“ Mee wann ech awer elo déi aktuell Politick kucke vun dëser Regierung, wat se an der Ëmwelt mécht, wäert ee mam Elektroauto ab Januar méi deier fueren, wéi wann een en Diesel huet.

Dat heescht, déi Kommunikatioun, déi Dir maacht, ass eigentlech: „Gitt den Elektro erëm of! Kaaf Iech e schéine Sech- oder Aacht-Zylinder! Dee leeft gutt an da kënnt Der fir 1,40, 1,45 tanke goen. Mee de Stroum maache mir Iech awer deier. Mir maachen

Iech en deier an Dir bezuelt och nach méi, wann Der grad Ären Elektroauto unhänt.“ Well dat ass jo de Problem.

Dir maacht elo hei schéi Pub. An ech ginn Iech vollkomme Recht bei de Subsiden. Iwwregens, wat ech bei de Subside kritiséieren, ass dee Präis, deen een herno kritt, wann een eng Solaranlag huet. Well dat ass eigentlech eng Sauerei! Dee geet op 2 Cent erof de Kilowatt. Dat heescht deementspriedend, wann Der en awer akaaft doheem, hutt Der 17 Cent zum selwechte Moment. Just, wann e vun Iech kënnt, hutt Der e vill méi bëlleg. Dat heescht, déi Subsiden, déi mer jo och ënnerstëtzen, sinn u sech e ganz bëllegen Outil, deen alleguerten déi Fournisseure kënnen hunn, fir bëllege Stroum ze kréien zu deem Moment. De Client kritt awer näischt zeréck.

Dofir si mir Piraten och der Meenung, dass e Mindestpreis muss agesat ginn. An net nëmme bei dem Garanti, well de Garanti hutt Der, mee da kritt ee manner Subsiden. Dann ass een do erëm bei d'Lisaet gelooss, well wann een de Variable nämlech hält op enger Solaranlag, dann ass een herno vun de Fournisseuren am Stach gelooss, well déi ëmmer méi erofginn.

Ech hu mer d'Statistiken de Moien erausgesicht. Ech hu mer de Moien e ganzen Dossier mat de Präisser gemaach vun der Energie – ech ka geschwé bei d'Energieberodung schaffe goen –, ech kann Iech soen, et ass immens komplizéiert. Well dat Schlëmmst, dat ech erausfonnt hunn, ass, dass och nach déi Präisser, déi ee kritt fir seng Solaranlag – also dee Stroum, deen Der verkaaft, dee Kilowatt –, all Joer erofgaange sinn, während awer de Stroumpreis an d'Luucht geet. Mee wéi kann een dat dann erklären? Als Staat gi mer hin a mir ginn déi Subside fir déi Solaranlagen, an herno ass et just de Fournisseur, dee profitéiert, well dee kritt bëllege Stroum a säi Réseau. Do kënnt d'Logik net méi richteg hannendrun.

Gutt, Dir gitt elo hin an Dir setzt elo dee Subsid fir déi Solaranlag erof. Iwwregens, dem Här Emering seng Logik hunn ech net verstanen. Den Här Emering huet hei gesot: „D'Subside gi jo elo erof.“ Bon, o Wunder, et ass normal, dass d'Leit elo alleguerte schnell eng Demande gemaach hunn a jidderee bei d'Energieberodung ugeruff huet. Et ass och, wat ech vum Marché matkritt hunn, dass elo jiddereen dee Subsid nach wollt. Ech verstinn elo net, dass een déi Logik do wëll weiderspannen a soen, dat wär eng Risendemande beim Solar. Dat ass einfach eng Normalitéit, wann ee scho virdrun ugekënnegt huet, dass een déi Subside wäert erofsetzen.

Also fir eis Piraten ass kloer, dass dës Regierung eigentlech d'Leit aus dem Stroum wäert erausdrängen, an dat ass eng ganz traureg Geschicht fir eis Ëmwelt a fir eis Kanner an Zukunft. Dofir hunn ech och dräi Motiounen matbruecht, wéi mir denken, dass een dat Thema kann upaken.

Dat Éischt ass, dass een de Leit net nëmme e Subsid mécht. Well ech ginn Iech souguer do nach Recht, wann Der sot, dass Eenzeler – an ech wëll soen, et sinn Eenzelfäll – profitéiert hunn an hir Solaranlage méi deier gemaach hunn, well se woussten, dass e Subsid géing kommen. Dat ass et sécherlech um Marché ginn. Ech hunn dat och schonn héieren. Et sinn awer Eenzelfäll. Mee da kommt, mir ginn hin a mir soen: „Wann s de eng Solaranlag hues, da kriss de e garantierte Mindestpreis“, dee variablen, well ech weess, deen anere gëtt et jo. Mee dass mer awer op d'mannst do soen – ech wëll keng Nimm nennen, mee Dir kennt d'Fournisseuren alleguerten –, dass se do d'Leit net bei d'Lisaet loossen an dat deementspriedend maachen. Dat ass dat eent.



Dat anert ass: Dir schwätzt déi ganzen Zäite vun der Netzauslaaschtung. Ma bei deene Subsidien, déi haut och gestëmmt ginn, ass et esou, dass, wann Dir en Akku wëllt – dat sinn déi Batterien, déi Der doheem huele kënn, soe mer elo 7 kWh, 10 kWh, wat Der braucht –, Der dat dann an der Ufandsdemande musst uginn. Dat heescht, alleguerten déi Leit, déi elo schonn eng Solaranlage hunn an elo vun deenen neien Netztariffer matkruten, kréien elo kee Subsidie méi op deem Akku. An duerfir hunn ech eng Motioun matbruecht, fir dass een an Zukunft och deen Akku, wann een do géng norüsten, nach eng Kéier subsidiéiert ka kréien – well déi Leit kënnen jo net derfir, dass elo nei Netztariffer agefouert ginn –, fir dass mer do d'Netz och eng Kéier entlaaschten, well da kënn Der iwwert dee ganzen Dag Äre Strom späicheren anstatt just op ee Punkt.

An dann déi drëtt Motioun, déi ass, fir eeben déi Netztariffer, déi do ugekënnegt si fir Januar, nach eng Kéier ze iwwerdenken, well mir Piraten sinn net der Meinung, dass de Strom soll méi deier ginn. Mir sinn der Meinung, dass de Strom eent vun eise wichtigsten Instrumenter géint d'Klimakris ass an dass dat, wat dës Regierung amgaangen ass ze mache mam Strom, verantwortungslos ass.

Merci.

### Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– Fir Januar 2025 warnen den ILR an d'Stroumnetzbedreier d'Konsumenten, dass d'Käschte fir de Strom ëm bis zu 30 % wäerten eropgoen. Duerch eng nei Formel bei der Berechnung vun den Netzkäschte risikéiere grad déi Leit, déi d'Energiewend ënnerstëtzen an a Wärmepumpelen an Elektroautoen investéieren, finanziell benodelegt ze ginn.

– D'Stroumgesetz vun 2007 souwéi e groussherzoglech Reglement vum 7. Abrëll 2022 gesi vir, dass d'Leit vun engem Aspeisetariff fir selwer produzierte Strom vun hirer Fotovoltaikanlag kënnen profitéieren, dee fir d'Joer 2025 bei 0,1374 Euro pro Kilowattstonn läit.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– fir de staatlech garantéierten Aspeisetariff, deen ee kritt fir selwer produzierte Strom aus senger Fotovoltaikanlag, ze erhéijen;

– fir de variablen Aspeisetariff, deen ee kritt fir selwer produzierte Strom aus senger Fotovoltaikanlag, minimal festzesetzen.

(s.) Marc Goergen.

### Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– D'Regierung huet am Koalitionsaccord festgehalen, dass si sech un den Nationale Klima- an Energieplang (PNEC) géif halen, deen duerch eng Villzuel u Moossnamen d'Reduktioun vun den Zäregasemissiounen soll erreechen.

– Fir Januar 2025 warnen den ILR an d'Stroumnetzbedreier d'Konsumenten, dass d'Käschte fir de Strom ëm bis zu 30 % wäerten eropgoen. Duerch eng nei Formel bei der Berechnung vun den Netzkäschte risikéiere grad déi Leit, déi d'Energiewend ënnerstëtzen an a Wärmepumpelen an Elektroautoen investéieren, finanziell benodelegt ze ginn.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– bei der Berechnung vun den Netzkäschten ze berécksiichtegen an dofir ze suergen,

• dass Stéit, déi Strom mat hirer Fotovoltaikanlag produzéieren, net finanziell benodelegt ginn, wa si bei

schlechtem Wieder méi Strom aus dem öffentliche Stromnetz verbrauchen,

• dass Stéit, wa si an eng Wärmepumpe oder en Elektroauto investéieren, net finanziell benodelegt ginn, well hirer Duerchschnittskonsum u Strom logescherweis duerch dës Investitiounen wäert eropgoen.

(s.) Marc Goergen.

### Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– D'Regierung huet am Koalitionsaccord festgehalen, dass si sech un den Nationale Klima- an Energieplang (PNEC) géif halen, deen duerch eng Villzuel u Moossnamen d'Reduktioun vun den Zäregasemissiounen soll erreechen.

– Fir Januar 2025 warnen den ILR an d'Stroumnetzbedreier d'Konsumenten, dass d'Käschte fir Strom ëm 30 % wäerten eropgoen. Duerch eng nei Formel bei der Berechnung vun den Netzkäschte risikéiere grad déi Leit, déi d'Energiewend ënnerstëtzen an a Wärmepumpelen an Elektroautoen investéieren, finanziell benodelegt ze ginn, well si méi héich Netzkäschte verursaachen.

– D'Hëllef vum Förderprogramm Klimabonus Wunnen gesi vir, dass Stroumspäicheranlagen (Hausbatterien) nëmme zesumme mat enger Fotovoltaikanlag subventionéiert ginn, mee d'Installatioun vun oder d'Norëscht mat separate Stroumspäicheranlage gëtt aktuell net subventionéiert.

– D'Moossnam N° 307 am PNEC betreffend de Régime d'aides Klimabonus Wunnen schreift vun der Eligibilitéit vu Stroumspäicheranlagen, mee de PNEC gesäit soss keng Moossnam vir, dass d'Leit méi an de Stockage vum Strom investéieren.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– eng separat Subventioun fir de Kaf vu Stroumspäicheranlagen (Hausbatterien) anzeféieren.

(s.) Marc Goergen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Goergen. Dann ass d'Wuert elo fir den Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir wäerten eis bei dësem Projet de loi mussen enthalen, well wéi et schonn e puermol gesot ginn ass, ginn Hëllef weidergefouert an aner Hëllef ginn dann op Zäit ofgeschafft, an eeben och déi vun der Fotovoltaik. Dat ass och schonn ... Déi Inkohärenz vun dësem Projet de loi, am aktuelle Kontext en plus, mécht engem d'Saach net einfach.

Et gëtt argumentéiert, dass d'Ofschaffung vun der Top-up-Hëllef domadder ze dinn hätt, dass d'Präisser vun de Solaranlagen erofgaange wieren. Den Här Galles huet virdru gesot, dat wär en internationalen Trend, zu Lëtzebuerg géif dat sech stabiliséieren wéinst de Main-d'oeuvre-Käschten. Mir hunn an der Kommissioun vill gesinn iwwert déi multifaktoriell Aspekter vun der Formatioun vun de Präisser. Mee d'Fro stellt sech, ob dat net iwwerhaupt prinzipiell en Denkfeeler ass, en Denkfeeler, deen doranner besteet, dass d'Regierung vergësst, dass et bei der Fotovoltaik net ëm e kleng Bonbon an net ëm e kleng Luxus geet, mee dass et eng klimapolitisch an och eng sozial Mesur ass. An all Mesur, déi et de Leit méi einfach mécht, Fotovoltaik ze installéieren, an déi si effektiv och dozou encouragéiert, ass an der aktueller Situatioun ze behalen.

Dat, wat d'Regierung dann elo mécht, ass awer – an ech mengen, dat wäerte mer warscheinlech gesinn, dat wäert sech erausstellen –, dass mer soumat eng Dynamik bremsen an dat duerchaus duerch eng immens klengleche Argumentatioun.

Et kann ee wierklech och driwwer diskutéieren, ob finalement d'Präisser – also global gesinn, also och mam Stroumtariff an där geplangter Berechnung vum Stroumtariff – da wierklech esou erofgaange sinn oder wäerten erofgoen, fir d'Ofschaffung vum Top-up ze rechtfertigen, well summa summarum wësse mer: Et wäert méi deier ginn. An et ass scho gesot ginn, dat hu mir als Lénk och scho gesot: Um Enn, mat der aktueller Energiepolitik, déi vun der Regierung geplangt ass, wäert et méi deier ginn, eng Wärmepumpe ze hunn, wäert den Elektroauto och méi deier ginn. Mee souguer wann d'Präisser real erofgoe géifen, mee da wier et ëmsou méi wichteg, déi Subsidien trotzdeem héich ze halen.

A wann et och esou wier, dass d'Betriber déi Subsidie mat an hirer Facture aberechnen – wéi dat bei ganz ville Subventiounen warscheinlech och ass, bei der Subvention loyer warscheinlech och –, majo da muss ee sech vläicht och aner Weeër iwwerleeën, fir deem ze entgoen. Do gëtt et der e puer, iwwert déi ee kann diskutéieren, notament och deen, inwiefern ee soll en öffentliche Sektor opbauen, dee sech mat der Fotovoltaik beschäftegt an och produziert. Dat wier eng Méiglechkeet.

Et kann ee sech och iwwerleeën, ob een net vläicht erëm eng Präiskontroll etabliert, wa wierklech vill Schmu gemaach gëtt mat Subsidien a ville Beräicher. Dat ass warscheinlech och néideg a warscheinlech wier dat erëm doranner ubruecht, well et ka jo net sinn, dass de Staat dohinnegeet, de Leit Subsidie gëtt, fir hir Solarpannoen ze installéieren, an dass herno d'Hiersteller déi Subsidie mat an hir Hausse repercutéieren.

Mee ganz dovunner ofgesinn – an ech mengen, dat ass en Denkfeeler –, menge mir, dass déi ganz Diskussioun doranëm d'Käschten, déi erof- oder eropginn an déi dann anscheinend eng Hausse oder eng Baisse vun de Subventiounen justifizéieren, net déi richteg Diskussioun ass – also déi Diskussioun, déi mer awer och wierklech an e puer Sätzungen haten an der Kommissioun. D'autant plus, well mer wëssen, dass et guer net esou evident ass, erauszefannen, wéi d'Präisser sech forméieren, an dass dat jo ganz evolutiv a fluktuant ass – dat heescht, et kann een dat net dovunner ofhängeg maachen – an dass mer duerno alljoers en neie Projet de loi deposéieren, fir ze kucken, wéi mer dat adaptéieren.

Ech mengen, déi richteg Diskussioun muss doranëm de politesche Wëlle gefouert ginn, sief et am Allgemengen, wann et drëms geet, jidderengem erneierbar a méi bëleg Energie zouzesécheren wéi och d'Chaudières ze ersetzen an och eng energieetesche Sanéierung ze sécheren an natierlech och Plaffongen ze determinéieren beim Strom, well et kann net sinn, dass d'Leit op eemol vill ze vill musse bezuelen, wa Stroumtariffer exagerement an d'Luucht ginn an iwwerhaupt an d'Luucht ginn.

Mee dofir brauch een och zum Beispill nach aner Saachen, wéi Prefinancementen, an déi sollen och sozial gestaffelt ginn – dat soe mer schonn zënter Längere –, fir dass jidderengem, och déi, déi am mannste verdéngen, an de Genoss vun dëse Mesuren kënnen kommen. Well de Rescht, fäerte mer, wäert weiderhin nëmme Gepiddels bleiwen.

Mir soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Wagner. An duerno ass dann d'Wuert fir d'Regierung. Den Här Umweltminister huet d'Wuert.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Serge Wilmes**, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | Merci, Här President.

Dir Dammen an Härén Deputéiert, villmools merci dem Här Rapporteur, dem Paul Galles, fir den éischte Rapport, deen en hei gemaach huet. Et war net déi éischte Kéier, dass en zu dësem Sujet geschwat huet, well e war nämlech de Spriecher vun der CSV, wéi am März 2022 déi viregt Regierung decidéiert hat, déi Primmen eropzesetzen an der Regim, dee mer elo nach eng Kéier verlängere bis den 31. Dezember 2025, anzeféieren. An dat war deemools eng Debatt, wou, mengen ech, all Mënsch hei an der Chamber averstane war, op dee Wee ze goen.

An du sinn e puer Méint méi spéit, am Dezember, als Suite vun enger weiderer Tripartitt-Sëtzung vum September, déi déi viregt Regierung mat de Gewerkschaften hat, dann nach eng Kéier Top-uppen, sozial Top-uppen, decidéiert ginn, déi mer elo hei, wéi gesot, nach eng Kéier bis den 31. Dezember 2025 verlängeren – bis op déijéineg vun der Fotovoltaik, wou mer vun 62,5 % op 50 % erfoginn –, woubäi et awer och schonn deemools ganz kloer war, dass se an der Zäit limitéiert wäeren op mol ee Joer, a wou u sech deemools am März all Mënsch hei d'Regierung scho gelueft huet, dass se géif dee Klimabonus Wunnen do reforméieren a méi ambitiéis ginn a méi generéis och déi Subside verdeelen, fir ënner anerem déi energieatesch Transition an déi ökologesch Transition kënne virunzedriewen. Mee deemools war och vun där deemoleger Regierung decidéiert ginn, dat Ganzt mol op ee Joer ze limitéieren.

Bon, wéi mer dunn als nei Regierung ugetruede sinn, ware mer an der Situatioun, dass se bis op den 31. Dezember 2023 limitéiert waren. Do hu mer mol decidéiert, se nach eng Kéier ëm sechs Méint ze verlängeren, fir eis kënne méi e kloert Bild ze maache vun der Situatioun. Mir hunn du proposéiert, se nach eng Kéier ëm 18 Méint ze verlängere respektiv eng Kéier no dräi Méint op 62,5 % an elo op déi 50 % erfogegen. An den Här Galles an och den Här Emering hunn, mengen ech, awer kloer op de Punkt bruecht, firwat: well, an do deele sech dann eeben d'Meenungen, et net de Sënn an Zweck ass vun engem Subsid, onbedéngt éiweg um selwechten Niveau gehalen ze ginn, wann ee gesäit, dass et eng Entwécklung gëtt, déi an déi richteg Richtung geet.

Dat hu mer och zum Beispill bei de Vëloer gemaach. Wann 80.000 Vëloer kaaft gi sinn, mengen ech, huet et kee Wäert méi, déi Vëloer nach ze subsidéieren. Domadder si mer erfoggaangen. Et kann ee mam selwechten Argument soen, mir hätten dat jo kënne éiweg bäibehalen. Dat kann een natierlech och maachen. Mee mir maachen et awer net! Mir hunn decidéiert, domadder erfogegen, well 80.000 Vëloer kaaft gi sinn. Et huet säin Zweck erfëllt. Et sinn awer keng 80.000 Vëloer op de Stroossen, do musse mer nach derfir suergen. Mee den Zweck ass erfëllt ginn.

An hei si mer iwwerzeegt dervunner, wa mer d'Präis-entwécklung kucke vun de Fotovoltaikanlagen, international, mee och national, dass déi amgaange sinn erfogegen. A mir hätten och gären, dass se weider erfoginn. Mir hätten och gär, dass de Marché do weider Upassungen no ënne mécht. Well dat soll esou sinn, well et eeben elo genuch Leit gëtt, déi op dee Wee ginn. Där gëtt et der ëmmer méi, déi dat froen, an dee Moment wäerten och d'Präisser erfogegen. Dat weist sech am Ausland an et wäert och hei zu Lëtzebuerg esou sinn.

An dann ass awer och eppes wichteg, wat och deemools am Dezember 2022 vu bal jiddwerengem heibanne gesot ginn ass: dass nach weider Mesüre muss gemaach ginn, notament d'Prefinanzéierung. Déi Prefinanzéierung ass e festen Deel vun dësem Koalitiounsprogramm, an déi wäert och agefouert ginn. Mir wäerten ufänke mat der Fotovoltaik.

An et wäert am Laf vun den nächste Wochen e Projet de loi deposéiert ginn, wou d'Prefinanzéierung fir d'Fotovoltaik da wäert proposéiert ginn hei an der Chamber, da vun Iech wäert diskutéiert ginn, fir et da kënne ze stëmmen, soudatt mer dat dann, wann dat da séier genuch geet, am Laf vum nächste Joer, hoffentlech d'éischt Hallschent d'nächst Joer, kënne aféieren.

A gläichzäiteg mat dem Depot vun deem Projet de loi, wou mer d'Prefinanzéierung wäerte maachen, wäerte mer Iech och Propose maachen, wéi et wäert weidergoe mat dem normale Regim vun dem Subsid fir d'Fotovoltaik iwwert den 31. Dezember 2025 eraus, fir eeben den Entrepreneuren an och de Leit an deem klasesche Regim, wou een nach ëmmer e Subsid muss ufroen, nodeems een da seng Rechnung ausgestallt kritt huet, och Previsibilitéit ze ginn.

Mee déi Prefinanzéierung wäert also kommen. Mir wëllen déi gären ëmsetzen, esou wéi mer et am Koalitiounsprogramm och annoncéiert hunn. An déi wäert selbstverständlech ville Leit hëllefen, fir net méi mussen am Ufank e groussen Invest virzestrecken, komplett ze bezuelen, dann ze waarden, bis eng Demande traitéiert ginn ass an dann no enger Zäitchen herno de Subsid zrëckbezuelen ze kréien. Mee et wäert eebe vun Ufank u just nach den Delta sinn, dee muss bezuelt ginn an de Subsid kréien dann d'Entrepreneuren.

An dat wäert an enker Kollaboratioun geschéie mat dem Wirtschaftsminister, vu dass de Wirtschaftsminister zoustänneg ass fir d'Betriber a mer dat och esou am Koalitiounsprogramm ofgemaach haten, dass et eng Kollaboratioun ass. An hie wäert an den nächste Wochen domadder befaasst sinn.

Da ginn ech awer och nach ze bedenken, well vill geschwat ginn ass vun deene Matbieger, déi net esou en héicht Akommes hunn, mir wëlle jo jiddwereng mat op de Wee huelen: An deene meeschte Fäll sinn déi, déi wierklech keen héicht Akommes hunn, awer keng Proprietären! Dat heescht, et si meeschtens Locataire. An do ass et also wichteg, dass mer weiderhin och d'Proprietäre vun de Biene cibléiere mat interessante Subsidien, och mat interessante Begleetmesüeren, fir dass déi déi Bienen, déi d'Leit do lounen, och kënne ekipéieren, entweder mat enger Wärmepompe, mat enger Solaranlage, oder eebe soss energieatesch Sanéierung maachen. Dat gëtt dacks vergiess. Dat ass eng Situatioun, déi kann ee bedauren, et ass awer eng Realitéit, dass déi meeschtens Locataire sinn, a mir mussen also och weiderhi kloer d'Proprietäre cibléieren.

*(Interruption)*

Dat gëllt och fir Koproprietäten, wou sech nach aner Erausforderungen stellen. Mee och do gëtt et jo eng Rei Mesüeren, déi ëmgasat gi sinn, fir och d'Koproprietäten méi op de Wee ze kréien, dass se mathëllefen, an déi ganz energieatesch Transition ze investéieren.

Ech wëllt awer gären alle Parteie Merci soen, déi dat heiten ënnerstëtzen. A wéi gesot, an den nächste Woche wäert Der mat weiderer Mesüre befaasst ginn, déi wäerten ënnersträichen, dass dës Regierung ganz héich Ambitiounen huet, fir eis Klimaziler kënne ze erreechen.

Merci.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Minister. Den Här Polidori wollt Iech nach eng Fro stellen, wann Der domat d'accord sidd. Et ass, wéi Der wëllt, Dir kënnt heibleiwen oder net. Här Polidori, kuerz a just eng Fro.

**M. Ben Polidori (LSAP)** | Jo, merci, Här President. Ech hätt just eng Fro. Dir hutt gesot, dass u sech d'Präisser vun der Fotovoltaik gefall wieren. Ass dat

elo éischter op d'Moduler bezunn oder och op e ganze Projet? Hutt Der iergendwéi Zuelen iwwert déi lescht Joren, déi Der vläicht eng Kéier kënnt heibanne virleeen oder soen, wéi do d'Entwécklung effektiv ass? Well dat gëtt vill gesot, mee ass et effektiv esou? Hutt Dir dat richteg gekuckt, d'Entwécklung, oder net? Merci.

**M. Serge Wilmes, Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité** | Jo, natierlech ass dat gekuckt gi vun onse Servicer. An dat kann ech Iech dann och gären eng Kéier noliwweren. Ech hunn dat elo net hei zur Hand. Mee ech mengen, et muss ee jo kucken, wat déi Präisser sinn, déi gefrot ginn um Marché a wat eeben d'Leit herno derfir bezuelen. Dat gesi mer jo, dat hu mer. Déi Zuele kënne mer Iech gären eng Kéier noreechen.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Minister. Domat wär d'Diskussion zu dësem Projet de loi dann ofgeschlossen.

Mir géifen zum Ofstëmmen iwwert de Projet de loi 8405 kommen. Ech ginn dervunner aus, dass jiddwereng vun Iech agelogg ass, soss kréie mer Problemer mam Ofstëmmen. Den Text steet am Document parlementaire 8405<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8405 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschlossen.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, 2 Abstentounen a keng Nee-Stëmm. Domat ass dës Projet also gestëmmt mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentounen.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt (par M. Dan Biancalana), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

**Motions**

Elo komme mer nach bei déi dräi Motiounen, déi am Kader vun dësem Projet de loi eragereecht gi sinn, an zwar allen dräi vum Här Marc Goergen. Ech géif do froen, dass mer a sech déi Motiounen hannendrun huelen. Mee ech gesinn, dass Der se wëllt virun huelen. Här Baum.



**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, mir wäre ganz frou, wa mer d'Motioun vum de Piraten zum Schluss vun der Sëtzung kéinten huelen, well mir hunn nach eng Rei Informatiounen eranzehuelen. Dat do war elo extreem kuerz. An deenen zéng Minutte konnte mer elo wierklech net alleguer d'Informatiounen eranhuelen. Also, wéi gesot, zum Schluss vun der Sëtzung, da wäre mir Iech ganz dankbar.

**Une voix** | Très bien!

## 12. Ordre du jour (suite)

**M. Claude Wiseler**, Président | Da kënne mer dat och maachen. Wann den Auteur kee Problem domadder huet, dann ass dat och esou decidéiert.

*(Assentiment)*

Ech géing dann elo proposéieren, datt mer déi Motiounen, déi am Ufank vun der Sëtzung erabruucht gi sinn, elo huelen, an zwar déi vun der Madamm Djuna Bernard fir d'éischt, an dann duerno déi vun der Madamm Welfring; woubäi mer fir déi Motioun vum Här Dan Hardy ofgemaach hunn, datt déi an der nächster Sëtzung drükéint. Dann huet och déi responsabel Ministesch d'Méiglechkeet, fir hei ze sinn, wat haut net de Fall ass.

## 13. Motion de Mme Djuna Bernard relative au rôle des syndicats lors de la négociation de conventions collectives

*(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 11 de ce compte rendu)*

D'Madamm Bernard huet hir Motioun schonn erkläert. Wëllt Dir nach eppes dozou soen?

*(Négation)*

Dat ass net de Fall. Sinn also bei der Motioun vun der Madamm Bernard aner Wuertmeldungen? Ech gesinn d'Madamm Weydert, den Här Engel, den Här Baum, den Här Goergen. Ok, da fänke mer u mat der Madamm Weydert.

### Discussion générale

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, et ass virdrun an der Aktualitéitsstonn och schonn eng Fro un den Här Aarbechtsminister Georges Mischo gaangen, wou et notament iwwer de Sozialdialog gaangen ass. Hien huet sech ganz kloer do positionéiert. An dofir géife mer hei déi Motioun matstëmmen, awer e puer Ännerunge maachen. Also, sous condition, dass déi Ännerungen dann akzeptabel sinn, wäerte mer dat matstëmmen.

Zum Beispill am Considerant zwee, dem zweeten Titel, géife mer amplaz vun „éclat“ vu „les discussions“ schwätzen, well ech mengen, en Eclat ass awer nach e bësse méi wéi dat, wat hei war.

An dann, beim „invite le Gouvernement“, do géife mer soen: „à continuer à reconnaître le rôle des syndicats“, well ech mengen net, dass hei iergendeng Restriktioun war, mee et geet einfach ëm d'Unerkennung vun deem, wat d'Syndikater an deene leschte Jore gelescht hunn.

Dofir, wann déi Ännerungen zu der Motioun ok sinn, géif ech dann och hei d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Weydert. Dann ass et um Här Engel. Här Engel.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Effektiv, virdrun an der Froestonn huet de Minister sech endlech kloer positionéiert an en huet endlech kloer gesot, wat e wëll an, virun allem, wat en net wëll.

Et ass och komesch, datt mer haut mussen hei an der Chamber eng Motioun stëmmen, déi an der Zäit superfetatoire genannt gi wär.

*(Brouhaha)*

Dann hätt d'ganz CSV gejaut: „Superfetatoire, well dat do steet am Gesetz. Dat do braucht der guer net ze maachen, dat steet am Gesetz! Firwat musse mer hei eng Motioun stëmmen, déi superfetatoire ass?“

Bon, haut stëmmen mer eng Motioun, ...

*(Interruption par M. Marc Spautz)*

... fir d'Regierung opzefuerderen, sech un d'Gesetz ze halen. Dat ass schonn eppes Spezielles.

Wat mech e bësse stutzeg mécht, dat sinn déi Ännerungen, déi d'CSV elo proposéiert. Mat „éclat“ an „discussion“, do kann een driwwer diskutéieren. Mee si froen elo hei, amplaz „à s'engager à ne pas restreindre le rôle des syndicats“ ze soen: „à continuer à reconnaître“. Also, „à ne pas restreindre“ an „à reconnaître“, dat ass awer zweeërlee. Dat sinn zwou verschidde Saachen. A wann hei e kloert Bekenntnis vun der CSV wier, fir d'Roll vun der Gewerkschaft net méi kleng ze maachen, also „à ne pas restreindre“, da wär dat e kloert Zeechen, da wär dat eng kloer Ausso, da wär dat eng kloer Sprooch vun der CSV.

Dat bréngt se awer hei net fäerdeg. Leider bréngt se et net fäerdeg, ze soen: „Mir wëllen hei de Gewerkschaften näischt ewechhuelen.“ De Minister huet et awer virdrun a sengen Ausféierungen an der Froestonn gesot. Elo weess ech nach ëmmer net: Ass elo dat, wat de Minister seet, dat Richtegt? Oder ass dat, wat d'CSV seet, dat Richtegt? Dat ass jo och net ëmmer esou ganz kloer bei Iech.

Bon, et hätt vill méi ...

*(Interruption par M. Marc Spautz)*

Et hätt hei vill Chaos kënne verhënnert ginn, wann net dee Frontalugréff do op d'Gewerkschaften komm wär. Wa mat kloer Sprooch kloer Aussoe gemaach gi wäeren, dann hätt de Minister och haut net missen zréckrudderen op Drock vu Gewerkschaften, Opposition an och op internen Drock vun der CSV. Dofir hätt mer d'Motioun, wéi se ursprénglech war, léiwer gehat. Mir kënnen dat heiten awer matstëmmen.

Just fir awer op d'Fro vum Här Spautz ze äntworten: Am September 2022 ass d'Direktiv ugeholl ginn, just fir ze soen. Dat ass ee Joer virun de Wale gewiescht. An Dir wësst, wéi et ass an engem leschte Joer virun de Wale, dat brauch ech Iech net ze zielen, wéi do d'Diskussiounen lafen.

*(Interruption)*

Iwwregens, virdrun hate mer bal dräi Joer laang eng Covidsituatioun, déi Der vläicht vergiesst hutt oder vläicht gäre vergiesst, déi eis awer am Land hei schéin op Trabb gehalen huet a wou hei ganz vill Aarbechtsplaze gerett goufen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Engel. Dann ass elo d'Wuert fir den Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech mengen, ech ka just do weiderfueren, wou den Här Engel opgehalen huet. Mir sinn an enger Situatioun, wou ouni iergendwellech Noutwendegkeet enorm

vill Porzeläin zerbrach ginn ass. Jo, vu wem? Ma vun deem, dee laut Spréchwuert am Porzeläinsbuttek ganz dacks de Porzeläin zerbrécht. Dat hätt net misse sinn!

A wann hei steet „éclat“, ech mengen, da war et en Eclat. Wann ee gesäit, wéi d'Press dorobber reagiert huet, wéi och de Ministère selwer op den Eclat hin nach selwer Ueleg an d'Feier geschott huet mat engem komplett iwwerflëssege Communiqué, dann, mengen ech, kann een dat net anescht nennen. Fir den allgemenge Friden, datt ee seet, dat si just „Diskussiounen“ – mäi Gott, ech wëll.

„Ech hunn de Gewerkschaften näischt ewechgeholl bis den 8. Oktober.“ Dee Mantra gëtt ëmmer erëm widderholl vum Aarbechtsminister. Wéi de Geck un de Bengel hält e sech un dee Saz, deen awer näischt anescht heescht, wéi dass de Moment vum Eclat selwer doranner bestanen huet, datt en domadder gedrot huet, de Gewerkschaften eppes ewechzehuelen, nämlech eng Selbstverständlechkeet, d'exklusivt Recht vun den national representative Gewerkschaften, a Fro ze stellen. Dëst ass geschitt!

An dës Motioun probéiert, hei Kloeerheet ze schafen: datt d'Parlament net nëmmen, Madamm Weydert, déi historiesch Verdéngschter vun de Gewerkschaften unerkennt, mee och déi aktuell Verdéngschter vun eise Tripartitt-Modell a vun den national representative Gewerkschaften.

Duerfir mengen ech, ech kéint och mat Ärer Ännerung liewen, „à continuer à reconnaître“, mee da misst awer derbäistoen, fir datt mer ee fir allemol Kloeerheet schafen: „le rôle exclusif des syndicats justifiant de représentativité nationale générale ou de la représentativité sectorielle“. Well dann hu mer Kloeerheet geschafen: „Dorunner gi mer net!“

Wann dat de Wonsch vun dëser Chamber ass, wann dat och de Wonsch vun der CSV ass, da solle mer dat och ganz kloer esou soen. Ech géif dat heite matstëmmen, mee déi Kloeerheet brauche mer awer.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Baum. Da géing ech der Madamm Bernard nach eng Kéier d'Wuert ginn. Si huet eng Rei Propositionen fir Ännerungen hei virgeschloe kritt. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng), auteure | Merci, Här President. Och merci fir déi ënnerschiddlech Wuertmeldungen. Bon, ech mengen, doriwwer, ob et en Eclat oder Diskussiounen waren, kann een elo laang a breet diskutéieren. Mir sinn awer bereet, d'Propos do vun der CSV unzehuelen.

Och par rapport zu där zweeter Ännerung war ech u sech ganz bei Iech, „à continuer à reconnaître“, mee ech muss awer soen, d'Argument, dat hei den Här Baum elaboréiert huet, fannen ech duerchaus pertinent. An ech géif Iech wierklech wëllen un d'Häerz leeën, ob Der do d'Wuert „exclusif“ net nach wëllt drasetzen. Ech mengen, dat wier e staarkt Signal, wat grad d'Gewerkschaften elo dëser Deeg bräichte vun Ärer Partei. A mir géifen da proposéieren, dass mer effektiv d'Motioun géingen esou änneren, dass do géing stoen: „à continuer à reconnaître le rôle exclusif des syndicats“, an dann de Rescht vum Text.

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen Iech Merci, Madamm Bernard. Ass dozou elo nach eng Stellung ze huelen? Jo, Här Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Här President, ech géif menger Fraktioun proposéieren, den Text unzehuelen ouni d'Wuert „exclusif“.